Ried zum Budget 2011 vum Paul Weimerskirch (CSV)

D'Budgetsdiskussioune beim Staat, also an der Chamber, sinn **ofgeschloss.** Eng Feststellung stoung do am Mëttelpunkt, an zwar déi, datt mir eis zu Lëtzebuerg grad wéi an Europa ëmmer nach an engem schwierege finanziellen an wirtschaftlechen Ëmfeld beweegen. D'Ofbremse vum Wirtschaftsmotor huet eis Staatsfinanzen aus dem Gläichgewiicht bruecht, wat och eng direkt Influenz op d'Gemengefinanzen huet.

D'Kris, déi am Joer 2008 iwwert eis eragebrach ass, huet sech op villen Niveaue bemierkbar gemaach; besonnesch um Aarbechtsmaart a vrun allem och an Aktivitéitsberäicher, déi fir eist Land liewenswichteg sinn, an domatter dann eben oder leider och hire Nidderschlag hunn op déi ëffentlech Finanzen. Äntwerten op dës Kris sinn net einfach, et kënnen duerfir och keng eenzel oder isoléiert Moossname sinn. **Staat a Gemengen si gläichermoosse gefuerdert déi ëffentlech Finanzen ze stabiliséieren.**

Zwar ass **Liicht um Enn vum Tunnel ze erkennen, awer** et bleiwen nach Inconnus, besonnesch wéi gesot a punkto Chômage, awer och a punkto Wuesstem. D'Wuesstemsprognose ginn als éischter schwaach bis mässeg prognostizéiert. An dësem Geescht ass de Staatsbudget opgestallt ginn. Mat dësem Bléck oder dëse Prämissen ass och de Budget vun der Gemeng ze kucken!!

An haut debattéiere mir dat Dokument, wou festgehal gëtt, wat d'Gemeng alles realiséieren, ëmsetzen oder investéiere wëll, an deelweis jo och muss. Och dat finanztechnescht kann ënnert d'Lupp geholl ginn.

Leschtenendes steet oder soll de Budget och stoe **fir d'Verbesserung vun der Wunn– a Liewensqualitéit an der Gemeng.**

Ee neit einfachen Akt! A fir eis als Oppositioun ass et souwisou just e begleedenden Akt. Well, dat meescht ass am Virfeld schonns gekläert. Déi absolut Majoritéit vun der LSAP, mëscht et bal onméiglech fir eng wierklech Matbestëmmung vun deenen anere Fraktioune. Mä dat ass nun eben d'Schicksal vun der Oppositioun. Et ass quasi e weidere fait accompli, deen hei virleit, deen allerdéngs op ville Punkten ze hannerfroen an zu konstruktiv kriteschen Denkustéiss Ulass gëtt. Dat hu jo schonns eenzel Conseiller gemeet!

An der Circulaire vum Inneministär ass iwwregens ugereegt ginn, datt alles wat am Budget ageschriwwe gëtt, ob hier Nëtzlechkeet, zwéngend Noutwennegkeet an Onverzichtbarkeet hin iwwerpréift gëtt. De Gemengerot

soll sech och Gedanke maachen iwwer e Finanzplang op véier Joer. Vun all deem ass Näischt ze héieren.

De Budget ass net eppes, wat einfach op emol do ass. Et ass vill Virbereedungsaarbecht an Iwwerleeung domatter verbonnen. Meng Félicitatioun natierlech un all déi, déi dem Schäfferot bei der Opstellung vun dësem Dossier zur Säit stoungen.

Eng éischt Feststellung:

par rapport zu fréiere Joere gëtt och dëse Budget an engem total verännerten Ëmfeld, mat enger Rei vun onséchere Parameteren opgestallt. D'Experte streiden sech iwwer Wuesstem, iwwer d'Entwécklung vum Chômage an de Weeër fir aus de rezessiounsbedingte Problemer erauszekomme. Nach ëmmer muss déi international Finanzwelt an d'Economie eng Kris verdauen, déi hiresgläiche sicht. No den de fette Joere mat iwwerduerchschnëttlech héichem Wuesstem musse mir an Zukunft mat méi bescheidene Méiglechkeete rechnen, och wann dat haut nach net esou gesi gëtt, oder sech esou bemierkbar mëscht. Ech kommen nach dorop zréck.

Och wa de Buergermeeschter ëmmer nees seet, de Budget ass par rapport zu de Konten eppes Visionäres, esou mengen ech, datt dës Approche kengeswees d'Philosophie ka sinn fir de Budget ze definéiere. Haut ass Wäitsiicht a Virsiicht gefrot, méi ewéi soss! Haut ass et méi ewéi je noutwenneg e realistesche Budget opzestellen!

De Schäfferot huet sech jo och beméit de Prämissë vum Inneministär, déi an der Circulaire beschriwwe sinn, Rechnung ze droen, deelweis jiddefalls. Et gëtt verschiddenes respektéiert. An dach hunn ech Zweiwel op den tatsächlech méigleche Spillraum voll ausgenotzt ass. An ob net nach aner Schrëtter a Moossnamen noutwenneg wiere fir eng wierklech Stabiliséierung vun eise Gemengefinanzen, an dat nohalteg, ze erräichen an ze garantéieren!!

Et ass dofir schued, datt mir schonns nees net virum Budget eng Diskussioun iwwer d'Konten (an dësem Fall déi vun 2009) féiere kënnen, well d'Oberbehörd dës jo nach net kontrolléiert an ofgeholl huet. Well d'Konten eng méi däitlech Sprooch iwwer d'Finanzsituatioun vun der Gemeng schwätzen.

An ech wëll direkt soen:

Eis Finanzsituatioun ass net déi schlechtesten, am Prinzip stëmmen eis Finanzen. D'Fro, ob mir net awer nach eng besser Situatioun kéinten hunn, ass natierlech erlaabt! Oder?

Op den éischte Bléck kann e soen, eis 2009er Konte sinn ok, et ass awer par rapport zu den 2008er Konten eng méi strapazéiert Finanzsituatioun, déi sech presentéiert, d'Dépenses ordinaires par rapport zu compte 2008 si ëm bal 1 Millioun geklomm, an d'Recette falen ëm eng gutt Millioun! Bal eng Millioun manner Impôt Commercial sinn eng vun den Ursaachen, eng net onwichteg Feststellung!

Doduerch ass de Boni propre op 2,6 Mio zréckgaang (2008 woren et 4,65 Mio) an et ergëtt sech um Enn een definitive Boni vu nach just 1,124 Mio (2008 woren et 2,45 Mio Euro), déi sech dann am Budget rectifié 2010 néierschloen, do bleift da nach just e Boni definitiv vu knappe 445 001,42! Et muss een sech dann och virun Aen halen, datt am Exercice 2009 ëmmerhinn nach 435 000 Euro aus dem Fonds de réserve als Recette ageschriwwe gi sinn! De Fonds de réserve ass domatter quasi eidel, wat net ëmmer gutt ass. Besonnesch wann mol Liquiditéitsproblemer sech ofzeechnen. Een Appel fir den Duuscht ass ni schlecht, an hëlleft och iwwer den éischten Honger!

Am neie Budget beleeft sech den definitive Boni nach just op 227 175 Euro!

Dat ass u sech net direkt dramatesch! Eis Gemeng ass jo kee Spuerveräin. Et ginn esouguer Gemengen, déi schonns mol mat décke Maliën ofgeschloss hunn, an awer net schlecht do stinn.

Eis Boni définitiv, also dat wat ech an dat anert Joer iwwerschreiwe kann, huelen ëmmer méi of! Dat selwecht gëllt fir d'Boni général, also datt wat reportéiert gëtt, zesumme mat der Zomm, aus dem Boni vum uerdentlechen Exercice. An dat ass ee Problem, deen ech gesinn! Ech kommen dorop nach emol zréck!

De Buergermeeschter huet dovunner geschwat, datt **d'Réckgrat vun den uerdentlech Recette** d'Gewerbesteier an d'Suen aus dem Fonds de dotation de l'état ausmaachen, ëmmerhin tëschent 75 bis 80%, mat enger Tendenz no uewen, no ënnen – kee weess et!

Fir de Moment ass d'Tendenz, wat de Budget 2011 ugeet nees positiv. Par rapport zum rectififié fir 2010 schreiwe mir e Plus vun 0,8 Mio Gewerbesteier an, concernant d'Dotatioun sinn et esouguer 1,2 Mio! Trotz Kris bleiwen déi staatlech Subventiounen op stabillem Niveau. Eng Reform vum Finanzausgläich steet allerdéngs um ordre du jour. Ass keng Diskussioun fir haut, awer fir muer.

Ob et da wierklech esou bleift steet an de Stären. Ech hätt hei éischter d'Approche net esou positiv ugesat, well et jo nëmmen eng viraussiichtlech virgesi Recettes ass! D'Cours des comptes weist jo net fir Näischt drop hinner, datt d'Suen aus der Gewerbesteier nach aus der Virkrisejoren kommen.

Den Impakt vu de Staatssteieren an der Ofhängegkeet vu staatlech Suen ass allerdéngs net alleng am ordinäre Beräich grouss, och am extraordinäre Beräich ass se net ze ënnerschätzen, an hei gëllt et déi Subsiden ze kréien, fir déi Projeten, wou mir d'Virfinanzéierunge garantéiere musse! Iwwregens eng Analys vun den ordinäre Recetten an der Ofhängegkeet vu staatleche Gelder reduzéiert sech net nueren op d'Gewerbesteier an de Fong, et si wann e richteg rechent nach méi ewéi déi bal 75% - et ginn och am ordinäre Beräich nach vill aner an zousätzlech allocations de l'etat, op déi mir ugewise sinn.

Ech wëll mir net virstellen, wat ass wa mir laang mussen op d'Gelder waarden, déi eis am Zesummenhang vu Club Seniors, Isolatioun Bâtiment Hëllef Doheem, Ulezechtrenaturéierung, Neibau vun der Maison des Generations, Bassin d'Orage als Subventioun zoustinn, dës virstrecken an dann ebe waarde, déi jo zu bal 100% vum Staat réckfinanzéiert ginn, an da net kréien. Eng weider Tatsaach, déi net ze ënnerschätzen ass. Awer zréck zum Budget an der Analys.

Am Rectifié klammen d'Depensen nees vun 21,49 op 22,93 (ëm 6,3%) an d'Recette klamme vu 24,11 op 24,65 (knapp 2,2%). De Boni propre fällt vun 2,61 op 1,72 Mio Euro erof an eise Boni definitiv steet nach bei ronn 445 000 Euro.

Aus dem Zueleverglach vun de Konte mat dem rectifié 2010 an dem Budget 2011 confirméiert sech d'Tatsaach, datt eis **Capacité financière däitlech ofhëlt.** D'Relatioun Boni propre zu den Dépenses extraordinaires lung an de Konten 2001 bei 63%, ass 2002/03/04 bei ronn 35% nach op gudden Niveau bliwwe, fir dann 2005 op 13% erofzefalen, huet sech dunn nees mat ronn 30% an de Konten 2006 erholl, fir sech dunn iwwer 2007 bei ronn 25% anzependelen, fir dann am Joer 2008 an de Konte bal 43 % auszeweisen. Eng Ausnamesituatioun?

Jo et wor een aussergewéinlech gutt Joer, steierlech gesinn! Et wier ze wënschen, datt esou Zäiten nees erëm kommen.

Elo si mir am compte 2009 bei 25% unzekommen, fir am rectifié bei 20 % unzekommen. Am neie Budget pendelt sech de Wäert nees op iwwer 25% erop. Et wier besser méi kéimen nees op iwwer 50%! Dofir missten eis Boni propre awer nees méi grouss ginn!

D'Tendenz, déi sech erauskristalliséiert ass däitlech:

Eis Capacité financière drifft no ënnen. An dat ass net gutt, wa mir wëssen, wat alles nach ze realiséieren ass, net ze schwätze vun der neier Entrée eran a Schëffleng. An dann all déi nei a nach net confirméiert, mä ugeduechte Projeten, déi elo zum Deel am Budget schonns eng Repercussioun hunn ewéi d'Renovatioun oder den ugeduechten Neibau vun der Lokalitéit fir de Pétaboules, d'Investitounsiwwerleeungen am Zesummenhang mat der Maison Relais, eventuell enger neier Infrastruktur, an dann hu mir jo nach e puer Stroosseninfrastrukturen op der Lei. An da musse mir eis virun Aen halen, datt d'Maison des Générations een décke Batz Geld kascht. Ok hei gëtt de Financement zu bal 100% vum Staat garantéiert iwwer Pacte Logement an Subsiden, awer mir maache jo eng Deelvirfinanzéierung. Ech stelle mir wierklech d'Fro, wéi mir dat alles bezuele sollen. **De Spillraum ass verengt.**

De Boni definitiv hëlt eigentlech vu Joer zu Joer of! Ech hunn et schonns gesot. OK, d'Gemeng ass net do fir einfach déck Gewënner vun engem op dat anert Joer ze iwwerdroen, awer et ass e weidere Beweis fir eng strapazéiert Finanzsituatioun.

Dat selwecht gëllt fir d'Relatioun Recettes ordinaire zu Dépenses ordinaire. Hei gëtt d'Schéier ëmmer méi enk, och wa se mol eppes méi – ewéi an de Konten 2008 – ausenaner geet. An dat alles zesummen – manner Iwwerschëss am ordinäre Sektor a manner Bonis definitiv, déi reportéiert kënne ginn, huet Konsequenzen, déi sech dréinen, an zwar dohingehend, datt eis Boni général natierlech och méi kleng ginn, an et ass jo genee dat Geld, zesumme mat extraordinäre Recetten, wat mir brauche fir eis grouss Projeten ze finanzéieren, fir déi Investitiounen ze maachen, déi noutwenneg sinn fir d'Liewensqualitéit an d'Wunnqualitéit ze stäerken oder ze verbesseren.

An de Konten 2005/2006/2007 huet de Boni général – dat ass den Iwwerschoss aus dem ordinären an Boni reporté – sech ëm ronn 4,7 Milliounen Euro orientéiert, 2008 sinn esouguer gutt 5,7 Mio Euro ausgerechent ginn, an de compte 2009 geet nees alles zréck op knapp 5 Mio. Dat ass och zwar net méi Fall fir de rectifié vun 2010, wou 2,8 Milliounen ageschriwwe bleiwen. E weidert Zeechen, dat eis Finanzkapazitéit sech iwwert d'Joere reduzéiert. A mat Nodrock sträichen ech eraus, datt kee weess ewéi et an der Zukunft mat de staatleche Subventiounen a Steiere weidergeet!

Elo si mir am Budget 2011 nees bei 3,34 Millioune Boni général. 0,54 Millioune weider ewéi am rectifié 2010, an dach ënnert dem Duerchschnëtt vun de vergaangene Joere an zwar däitlech ënner 6 Milliounen.

Investitiounsvolumen ass drastesch reduzéiert

Eisen Investitiounsvolumen, sou ze soen aus dem ordinäre Beräich erausgerechent, an dëst huet een indirekten Afloss op d'Dépenses extraordinaires, ass drastesch reduzéiert ginn. Laut compte de gestion vun 2007 hu mir 13,23 Milliounen Euro an den Dépenses extraordinaires verschafft, 2008 ëmmerhin nach 10,822, am compte fir 2009 sinn et mat 10,3 nach e puer manner an am Budget 2011 komme mir nach just op 10,11 Milliounen Euro. Mir investéiere knapp iwwer 10 Mio! Ass eigentlech nach vill, an awer par rapport zu Compte 2007 e gudde Véierel manner. Dat ass net dramatesch, weist allerdéngs op eis aktuell manner gutt Finanzsituatioun hin!!

Ech wëll eis Finanzen net schlecht rieden, wëll och net den Däiwel un d'Wand molen. Wëll awer och net an Euphorie verfalen oder d'Zuele schéi rieden.

An engem schwaache Moment huet de Buergermeeschter gesot, op eng Fro vun der CSV hinner, wat da géif geschéien, wann de Staat säin Engagement aus Finanzéierungsvirbehalt betreffend den Tunnel oder Ënnerféierung a Schëffleng eran, verbonne mat der Suppriméierung vun de Barrièren net oprecht hale kann? - ma da maache mir dat selwer, sot hien! Dat ass natierlech Mumpiz, dat ass net méiglech, dat weess och de Buergermeeschter, well de Projet ass net ouni Staat an CFL ze maachen.

Ech bleiwen dobäi, och wann ech mech widderhuelen! De Budget an d'Perspektive vun de Finanze bleiwen ee groussen Defi fir eis all. Mir mussen d'Steigerungsraten vun den Depensen am A behalen, vläit reduzéieren, besonnesch wa sech ofzeechent, datt op der Säit vun de Recetten – an dat kann op Gronn vun der economescher Entwécklung schonns an de nächste Joeren de Fall ze sinn – manner Geld ze erwaarden ass!!

An dann ass ze hoffen, datt d'Augmentatioun op der Depensesäit realistesch definéiert an genee ageschat ginn ass, a net nach weider klëmmt, wéi dat bal all Joer am rectifié an och an de compten dann de Fall wor. Mir beweegen eis jo schliisslech an engem wirtschaftlechen Ëmfeld, dat net onbedéngt einfach Zäiten ausweist, de Géigendeel ass éischter de Fall! An dann ass op der Recettesäit och net onbedéngt mat méi Suen ze rechnen, ewéi dat Gott sei Dank schonns méi dacks de Fall wor. Ech mengen hei net nëmmen dëst Joer, mä besonnesch d'Budgete vun de Joeren 2012 an 2013, wa manner Recette kommen. Dofir alles wat haut geplangt an u Geld agesat gëtt, muss och muer nach eng Finanzperspektiv erméiglechen.

Dofir sinn sech e puer Froen ze stellen, wa mir dann iwwer de Budget fir 2011 schwätzen. Eng liicht Hausse vun den Dépensen, an eng méi staark vun de Recetten!

A Propos Recetten.

Mir hu jo een Boni definitiv vu knapp 280 000 Euro! Ech well dofir ganz einfach op eng Tatsaach hiweisen, déi sech schonns am rectifié, zwar net grad esou staark, awer dach bemierkbar mëscht! Eng Tatsaach, déi mat de Waassertaxen ze dinn huet. An déi een Deel vun der Erklärung ass firwat eis Recettë geklomme sinn. Mir hunn dës Taxen ugepasst entspriechend den Direktiven. Mir sinn elo absolut käschtendeckend, awer absolut käschtendeckend. Iwwer den Daum gerechent kréie mir bal 1,1 Mio Euro méi Recetten eran, netto gelies. Natierlech just dann, wann d'Estimatiounë stëmmen. Hei stellt sech och d'Fro firwat net ee Sue an de Fonds de réserve geet! D'Fro ass och erlaabt firwat dëse radikale Sprong vun der Taxe virgeholl ginn ass! Ech stelle fest, datt aner Gemengen sech nach net op de reelle Waasserpräis fixéiert hunn! Wéi steet et mat Infokampagnen fir d'Leit zum Waasserspueren ze motivéieren.

Ok mir investéieren dëst Geld am extraordinären, Stéchwuert Réckhaltebecken an der Hedinger- a Millestrooss, mir mussen awer wëssen, datt wann iergendwann op der Kläranlag nei Investissementer ze maache sinn; net de Staat, awer d'Gemenge gefuerdert sinn.

Mir bleiwen also gefuerdert.

An et stellen sech eng Rei weider Froen!

- Musse mir di lafend Käschten net nach méi staark iwwerpréiwen an nach méi maache fir se wierklech ze reduzéieren. Mir hunn héich Personalkäschten, mir hunn och méi Personal ewéi aner vergläichbar Gemengen. Mamer zB, datt flächeméisseg méi grouss ass, huet een Drëttel manner Personal, huet Recetten an eiser Gréissenuerdnung wéi mir mat 25 Mio Euro, huet awer Ausgabe, déi sech just ronderëm 18 bis 19 Mio Euro befalen, mir leie bei 22 bis 25 Mio Euro Dépenses!!

- Domatter leien hier Boni propre iwwer d'Joere gekuckt tëschent 6,2 a 7,2 Milliounen Euro! A mir erräiche laut Konten an de leeschte Joer knapp 1 bis maximal 2,5 Mio Euro! Mat de bal dräimol méi groussen Iwwerschëss klëmmt natierlech och d'Finanzéierungskapazitéit vun der Gemeng Mamer enorm! Hei ass d'Rel Boni propre zu dépense

extraordinaär iwwer d'Joer bal 65-75%! Wärenddeem mir frou si, wa mer iwwer 25% leien!! Et ass eben ëmmer e Spagat tëschent dem Aufgabe, déi eng Gemeng muss iwwerhuelen, déi se soll iwwerhuelen an déi se wëllt iwwerhuelen. Well all nei Aufgab ass mat Käschte verbonnen! Et ass och net ëmmer einfach onpopulär Decisiounen ze huelen.

- D'Fro stellt sech op d'Grondausriichtung am Budget stëmmt?

- D'Fro stellt sech nom Screening, der Detaillanalys vun den Ausgaben, an der eventueller ZeroBaseBudgetingPhilosophie! Dat nëmmen zum Deel geschitt.

- D'Fro stellt sech op net aner Prioritéiten ze setze sinn? Net alles wat Wënschenswäert ass, ka realiséiert ginn, an dowéinst wier et net schlecht gewiescht, wa mir zesummen als Conseil communal eng Lëscht opgestallt hätten an doraus eng Prioritéitelëscht fixéiert hätten. Am Sënn vu méi Transparenz a vu méi Matsproocherecht.

- Awer wann eng Majoritéit absolut ass, da ka se jo och absolut aleng decidéiere, wat Prioritéit huet a wat net!

- D'Fro stellt sech, ob eis Konsumausgaben net reduzéiert musse ginn? Wéi steet et mat de Gemengefester a Rezeptiounen oder soss Lokalveranstaltungen, wou jo oft iwwer d'Veräiner eraus eis Servicer an d'Personal am Asaz sinn! Solle mir eis do ewéi beim Subsidiereglement net eng iewescht Grenz setzen, oder grad hei dem zero base budgeting suivéieren.

- D'Fro stellt sech, wéi wäit loosse mir eis Personalonkäschte fortlafen?

- D'Fro stellt sech, ob eis Servicer alleguer mussen oprecht gehale musse ginn!

- Wéi ass et um Niveau vu de Personalkäschten, besonnesch mat dem Bléck op den Enseignement, och wann et hei duerch d'Reform vun der Grondschoul Veränneruge gëtt, esou bleift eis Gemeng gefuerdert! Ass eis Schoulorganisatioun optimal an effizient opgestallt! Et ass sécherlech kee Feeler ze analyséieren, wat hei besser oder anescht kéint lafen! Et ass eng Erausfuerderung, well et geet net duer ze soen, datt accord salarial alles méi deier maachen!

- Kucke mir den Tableau betreffend d'Remuneratiounen am Beräich Travaux d'Entretien (Säit 119/138). Ech hunn den Androck, datt dës Depensen eis fortlafen, an eng Brems net schlecht wier. Gesamtzomm an de Konten 2008 beleeft sech op 4,14 Mio, an de Konten 2009 esouguer schonns 4,5 Mio, dann am rectifié 2010 si mir schonns driwwer mat 4,52 Mio, fir dann am Budget 2011 bei bal 4,7 Moi ze landen. Dat ass innerhalb vun zwee/dräi Joeren eng Hausse vu bal 12%!! Ech wëll elo net hei falsch verstan ginn! Mat eisem Personal ass et méiglech dem Bierger effizient a vill Servicer z'offréieren. Et geet drëm dës Aarbechtsplazen ofzesécheren.

- Wéi ass et mat Energieonkäschten a wou ass do Spuerpotential? Si mir um richtege Wee? Op ville Plaze jo! Op aneren net onbedéngt. Et ass eng Energiewoch an der Administratioun duerchgefouert ginn! E Bilan oder d'Erkenntnisser dovunner woren net am Gemengerot! An et sinn oft dës oder déi kleng Ännerung, déi eppes bewierken. Ännerungen – an oft kleng Schrëtt a Geste fir Energie oder Elektresch ze spueren, Stéchwuert LED-Luuchten! An do ass eppes ze maachen: D'Gemeng Uedem - ronn 8500 Awunner - an Däitschland huet hir ineffizient Beliichtungsanlag aus de 60er duerch modern an energiespuerend Techniken erneiert! Dëst Konzept beinhalt eng praxisorientéiert Beliichtung a spuert iwwer d'Joer 180 000 Kilowattstonne Stroum! Dës Gemeng spuert 120 Tonne CO2 an ëm iwwer 22 000 Euro sinn d'Energiekäschte gesenkt ginn!

- Ech kéint mir och virstellen, d'Veräiner, déi vu Gemengenterrainen oder Salles publiques profitéieren, mat an dëse Prozess anzebannen. Hei denken ech ass Spuerpotential dran, besonnesch bei de groussen Terrainen, awer och op der Skatingspiste, wou während e puer Deeg d'Spoten an d'Scheinwefer owes ugeschalt woren, obschonns et gereent huet, an zwar esou, datt iwwerhaapt kee fuere komm ass! Wa si da mathëllefen Energie oder Elektresch ze spueren, kréien se Bonuspunkte fir de Subsid oder sou! Eng Idee à discuter, oder?

- Stëmmen eis Servicer, déi mir op sozialem Plang offréieren, déi mir fir d'Veräiner a fir d'Gesellschaft allgemeng wëllen assuréieren? Ok de Buergermeeschter sot, datt et e politesche Choix ass dee mir treffen, op der anerer Säit ass och de Buergermeeschter sech bewosst, datt et iwwerall Grenze ginn.

Beispill Ruff (S-) Bus: kascht laut Compten 2009 ëmmerhi gutt 190000 Euro / am Budget 2010 rect. stinn 175 000 Euro, an am Budget sinn et ëmmerhinn bal 180 000 Euro dat ass vill Geld, an de Ruffbus ass nëmme bedéngt méi bëlleg ewéi den S-Bus!!

Beispill Maison des Jeunes : laut Konten am Joer 2009 beleeft sech de Chiffre op gutt 80 000 Euro a fir 2011 sinn 97 000 Euro ageschriwwen, eng Zomm, déi sech och aus dem Rectifié confirméiert. All Veräiner, déi mat jonke Leit schaffen, kënne vun däraartege Zommen nëmmen dreemen. Oder mindestens zéng Joer laang domatter schaffen!

- Dës a vill aner Froen, soll mir net scheien ze stellen a Léisungen ze sichen.

- Och musse mir eis – an dovunner sinn ech iwwerzeegt, nei Einnahmequelle sécheren. Mir kënnen net einfach nëmme mat neien Taxen oder mat Taxenerhéijunge fueren. Besonnesch am Energiesektor mat klenge Wärmekraftkopplungsanlagen. An eiser Geriatrie funktionéiert dat säit Joere beschtens. Hei kréie mir jo dat Geld eran, wat mir brauche fir dës spéider ze erneieren! Et ass ze hoffen, datt déi nei an der Maison des Générations och eng Erfollegstory schreiwe kann!

Ech hu mir och nach emol d'Etüde concernant d'Opstellung vun engem Fënnefjoresfinanzplang erausgekroopt a analyséiert ! Heizou ass ze soen: di Situatiounsbeschreiwunge vun deemools, déi haut sollten zielen, sinn iwwerholl, d'Hypothese fir de Pabeierkuerf, d'Szenarie mussen nei beschriwwe ginn. D'Zuelematerial ass jiddefalls an der Tëschenzäit iwwerholl an d'Parameter op deene geschafft ginn ass, hu staark changéiert, sinn evoluéiert oder ganz anescht. Definitiv Konklusiounen si net gezu ginn, allerdéngs weisen d'Dokumenter op dat hinner, wat ech ufanks schonns gesot hunn: Mir mussen eis op eng schwiereg Finanzsituatioun astellen (an deemools wor nach näischt vu Kris a manner Recette fir de Staat an domatter fir Gemenge gewosst!!). Fir déi vill Investitiounen a Projeten, déi mir nach wëllen ugoen, musse mir eis gutt virbereeden an eng kohärent Finanzplanung op d'Been stellen.

An all Budget, dee mir elo uginn, muss besonnesch op seng Nohaltegkeet, op seng Zukunftsfäegkeet hin gekuckt an opgestallt ginn. Ech bedaueren, datt mir dës Diskussioun vun enger méiglecher Opstellung vun

engem plan financier pluriannuel ni ofgeschloss hunn. An ech rappeléieren un dat, wat virdrun iwwer d'Prioritéitelëscht gesot ginn ass.

Et ass ouni Zweiwel net einfach weder op der Recette – nach op der Depensesäit aus der Hëft eraus ze schéissen an ze soen, wat fir eng Mesuren ze huele sinn, fir dann entweder d'Recetten ze hiewen oder d'Depensen ze reduzéieren. Et ginn awer Sektiounen an domatter och Depensen, di hannerfrot kënnen oder solle ginn.

Ech hu probéiert e puer Ureegungen ze ginn. Ech hunn et schonns e puer mol gesot, datt eis Piscine ass e Faass ouni Buedem, hei ass driwwer nozedenken, wat besser oder anescht gemeet misst ginn! Mir brauchen e Konzept fir eis Schwämm méi attraktiv ze maachen, et geet dach net duer, datt mir jéimeren oder fannen, dat ass eng sozial Aufgab, déi d'Gemeng ze iwwerhuelen huet. An dësem Zesummenhank ass nozedenken, ob et da wierklech richteg ass als Gemeng d'Sauna ze exploitéieren!!

- **Wéi ass et mat der kommunaler Offallpolitik?**

Wéi ass et mat Valorluxmodeller? Dës Fro hu mir schonns bei fréiere Budgetsrieden opbruecht. Firwat diskutéiere mir de Modell Valorlux net, aner Gemengen si ganz zefridden an hu sech quasi, wann och kleng am Volumen, nei Recetten erméiglecht! Et muss eist Zill sinn, de Müll nach méi streng ze trennen. Et ass dëst eng vun de Conclusiounen, déi vun e puer Deeg vum Nohaltegkeetsministär gezu ginn ass, par rapport zu der entspriechender EU-Direktiv, déi jo verlaangt, datt bis Enn Joer d'Halschent vum Hausmüll ze recycléiere wier.

Dofir bleift ze bedaueren, datt mir dem Prinzip vum pollueur-payeur nëmme bedéngt Rechnung droen! Et gëtt nach ëmmer net op d'Gewiicht taxéiert, mä op d'Frequenz. Dat ass net korrekt. Bei der Sidor gëtt jo net gekuckt wéi oft de Camion mat Dreck erafiert, mäi wéi schwéier den Dréck am Camion ass. Hei ass nach wie vor eppes ze maachen, dofir meng Fro un de Schäfferot: wat gëtt an de Syndikater gemeet fir zesumme mat den anere Gemengen hei eng Léisung ze kréien, déi méi gerecht ass?

- Ass net och **Spuerpotential bei de Gemengesyndikater** dran?

Wat fir eng Politik a wellech Gespréicher gi gefouert fir eng méi gerecht Finanzpolitik an de Syndikater par rapport zu den eenzelne Gemengen ze féieren? Wat gëtt gemeet fir d'Onkäschten ze reduzéieren? Kuck mol all déi Publikatiounen, déi vun de Syndikater

erauskommen! An, wat am Kader vum Night Rider méiglech ass, muss och an de Syndikater méiglech sinn, z. B. eng Awunnergläichwäertbereechnung an der Kläranlag, ech widderhuele mech hei gär par rapport zum leeschte Joer. Et ka jo net sinn, datt mir eis Kanalinfrastrukturen opbesseren, datt mir mat manner Betriber der Kläranlag zu Laascht falen, dës net mat Reewaasser verdënnen, wat eigentlech schlecht ass, a mir musse blechen. Wat huet de Schäfferot an dësem Dossier ënnerholl fir méi Gerechtegkeet ze schafen? Wat hunn eis Vertrieder an de Syndikaten gemeet, gesot?

- **A propos Syndikater:** mir hu par rapport zu de vergaangenen zwee Joer Konten 2008 an 2009 ëmmerhin e plus vun 200 000 Euro Engagementer am Budget ageschriwwen. Et sinn insgesamt ronn 2,01 Mio Euro un Engagementer, oder bal 8,5% vun den uerdentlech Ausgaben. Par rapport zu 2005 ass et eng croissance vun iwwer 12%. Musse mir hei net ëmdenken? Oder loosse mir zou, datt Syndikater e Faass ouni Buedem ginn! A wat ass de Mehrwäert vun engem ProSud?

Nach kuerz zum Investitiounspak am Budget extraordinaire. Et sinn 10,1 Milliounen Euro. Deem géintiwwer sti 7,02 Milliounen Euro Recetten. Also nëmmen 2,9 Milliounen aus dem Boni général decken 28% vun den Dépenses extraordinaires of. Do hate mir schonns besser Situatiounen, wou nach bis 50% oder 60% aus dem ordinäre Beräich, Extraordinäres bezuelt konnt ginn.

Déi aner 62% ginn eben duerch 7,02 Millioune Recettes extraordinaires ofgedeckt, a gläichzäiteg quasi mat der Hëllef aus de Méirecetten vun enger gudder Millioun bei de Waasser- an Ofwaassertaxen!!

Eis Scholdesituatioun ass manner strapazéiert ewéi am leschte Joeren, dank enger verbesserter Zënssituatioun. Sou beleeft sech eis Schold de Moment op 32,5 Milliounen, fir sech um Enn vum Joer 2011 op 30,2 Milliounen Euro ze stabiliséieren, dëst bei Annuitéite vu manner wéi 10% vun den uerdentlechen Einnamen an eppes méi ewéi 10% vun den uerdentlechen Ausgaben. Wat trotz allem eng Belaaschtung fir eise Budget duerstellt. Wa mir mat dem Iwwerschoss aus dem ordinären alles u Schold bezuele wëlle brauche mir iwwer zéng Joer. D'Schold vun der Gemeng Mamer an der Gréissenuerdnung vu 26 Mio ass innerhalb vu just véier Joer duerch den uerdentlech Boni zeréckbezuelt. E gewaltegen Ënnerscheed!

Déi allgemeng gülteg Norm vun 12% als vertrietbar ierwecht Grenz wat d'Verbindlechkeeten zu den uerdentlechen Einnamen ugeet, bleift jiddefalls

touchéiert, an et bleift ze hoffen, datt mir a nächster Zäit, wat ech awer bezweiwelen net awer nach mussen op een Emprunts zréckgräife musse.

Zréckgräifen op Friemkapital (also op Emprunts) huet de vertrietbare Kader zwar nach iwwerschratt, ass awer amgaang dës Grenz ze erreechen!!!

D'Verhältnis Eegekapital zu Friemkapital ass manner gënschteg ewéi soss a strapazéiert ouni Zweiwel eis Gemengefinanzsituatioun. Ok mir sinn nach net bei 20% Annuitéiten, wou den Inneminister muss decidéieren. Mä nach e weideren Emprunts an der Gréissenuerdnung vun dräi oder véier Mio Euro a mir klappe schonns un d'Dir. Dës Meenung hunn ech déi lescht Joeren schonns vertrueden, an ech bleiwen dobäi. Ech wëll dat elo net als Virworf formuléieren, mä an aller Däitlechkeet op eis aktuell Situatioun hiweisen. A wierklech op déi schläiche Situatioun vun ëmmer manner décke Boni propre hiweisen. Ech hoffen, datt dës Politik, déi sech an de leschte Joer verdäitlecht huet, net zu enger Hypothéik fir eng nei Majoritéit gëtt!

D'Pro-Kapp Verschëldung läit haut bei 3,613 Euro bei enger Populatioun vun 8.970 Awunner a kéint also bis zum Enn vum nächste Joer op ronn 3300 Euro erofgoen, bei estiméierte knapp 9200 Awunner, wann d'Entwécklung de Budget suivéiert. Eng finanziell Hypothéik fir déi, déi am Oktober d'Soe kréien, gëtt heimatter net hannerlooss. Awer munches muss anescht ginn, muss anescht ugepaakt ginn. Et geet drëm, datt mir eis eng Basis schaffen, fir dat den uerdentleche Boni mëttelfristeg an der Gemeng nees klëmmt. Als kuerzfristeg Zill gesinn ech eng Verdueblung, bis da spéider eng Verdräifachung méiglech vir.

Esou wäit zu e puer allgemenge Bemierkungen:

- Dépenses ordinaires klammen, di ordinär Recette net onbedéngt
- Eis Capacité financière verbessert sech net, an geet iwwer déi lescht Joer gekuckt eigentlech zréck, an domatter stéisst eisen Investitiounsvolumen u Grenzen
- De Boni definitiv hëlt – iwwer d'Joeren analyséiert – of
- Mir mussen eis op eng aner a vläit méi schwiereg Finanzsituatioun astellen.
- An all Budget muss op seng Nohaltegkeet an op seng Zukunftsfäegkeet hinner gekuckt an opgestallt ginn.

- Eis Scholdesituatioun huet sech verbessert, ass awer nach ëmmer op eng strapazéierter Linn, nach een Emprunts a mir kommen an een Däiwelskrees, deen eis villes aschränke léiert

- Et si nach vill Projeten, di nach ze finanzéiere sinn, déi mir eigentlech schonns op den Instanzewee gesat hunn! Dofir wier eng Prioritéitendiskussioun schonns ubruecht!!

- Mir hunn zesummen nach e puer Aufgaben ze meeschteren, fir eis Finanzsituatioun ze stäerken

Lescht Remarque nach zum Extraordinären:

De Buergermeeschter schwätzt vu Schwéierpunkten, déi dominéieren: Modernisatioun vun den Infrastrukturen, de Neibau vun der Maison des Générations, d'Erneierung vun de Stroosseninfrastrukturen, d'Weiderverbesserung vun de Sportinfrastrukturen, … do si vill ënnerstëtzenswäert Initiativen. Besonnesch d'energetesch Verbesserung vum ale Sprëtzenhaus. Et sinn awer och Punkten dobäi, déi mir net als Prioritéit gesinn.

Packe mir et fir an engem dach relativ kuerzen Zäitraum eis Populatioun op iwwer 10 000 wuessen ze loossen? Si mir wierklech esouwuel infrastrukturell e wéi och finanziell drop virbereet? Hei sinn nach eng Rei Inconnuen! Ass de PAG-Projet wierklech, der letzte Wahrheit Schluss!

Eppes wat an d'A fällt ass den **Nullinvest, also Null Euro fir Kulturinfrastrukturen;** hei si mir ëmmer nach op de Centre Sportif an den Hall polyvalent ugewisen, wa grousser Evenementer ustinn, ewéi Theater oder Concerten. Et ass keng optimal Solutioun, weder au point de vue technique nach administrativ, besonnesch, well déi an den Halen engagéierte Veräiner hir Aktivitéiten an hier Traininger ëmmer nees ofännere musse. Eng Käschte-Notze-Rechnung fir den Opbau vu Podiumen an anerer Ausgaben drängen sech hei op.

Tëschent den Investitiounen an d'Sportsinfrastrukturen an den Perspektive fir nei Kulturhaiser ass onverkennbar eng Schiflag do. Eng dynamesch Gemeng brauch eng ugepassten Offer vu Sport, awer och vu Kultur.

Net ouni Afloss op eise Budget ass och de Wuesstem vun eiser Populatioun: 1990 waren an eiser Uertschaft knapp 6800 Awunner registréiert – fir de Budget 2011 gi bal 10 000 Matbierger estiméiert. Innerhalb vun 18 Joer deemno een Zouwuess vun iwwer 3000 Leit. Dës Augmentatioun huet eng

Influenz op eis Liewensqualitéit, op eis Infrastrukturen, op d'Verkéiersopkommen an op d'Déngschtleeschtungsservicer. An do bestinn elo schonns Problemer a punkto Verkéier a Belaaschtung, a punkto Kaméidi a Loftverschmotzung Wéi ass et mat Konzepter fir eng intelligent Gestioun vum Verkéier, wéi ass et mat de grousse Projeten, déi realiséiert solle ginn, ass oder gëtt de PAG déi richteg Äntwert!

Eis Fraktioun, och wa mir eng grouss Zuel vun Devisen an der leschter Sitzung matgestëmmt hu, kann dësem Budget net den Accord ginn.

Et ass och e Budget mat Inconnuen, et ass och e Budget, wou d'Prioritéiten ze hannerfroe sinn.